N°564
Entrée le 03.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.04.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Et ginn eng Rei vu medezineschen Examen, deenen hir Resultater duerno an den DSP (Dossier de soins partagé) eropgeluede kënne ginn. Dozou zielen zum Beispill Bluttanalysen oder Biller vun enger Röntgen. Bis d'Dokumenter awer am DSP fir de Patient disponibel sinn, dauert et deelweis relativ laang. Esou dauert et scho mol eng Woch oder méi, bis d'Biller vun enger Röntgen am DSP ze fanne sinn. Bei de Resultater vu Labos-Analysen, zum Beispill vun enger Bluttanalyse, déi bei engem private Labo hei am Land gemaach gouf, dauert et suguer dacks direkt e puer Wochen oder souguer e puer Méint, bis dës am DSP ze fanne sinn. Gläichzäiteg sinn déi selwecht Resultater awer iwwert d'Online-Portaler vun de Laboratoirë ganz séier fir hier Clienten an d'Dokteren zougänglech.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi laang dauert et an der Moyenne, fir d'Resultater vun Analysen oder medezineschen Examen, déi an engem Spidol gemaach goufen, an den DSP eropzelueden?

2. Wéi laang dauert et an der Moyenne, fir d'Resultater vun Analysen oder medezineschen Examen, déi bei engem private Labo gemaach goufen, an den DSP eropzelueden?

3. Wéi sinn déi laang Delaien ze erklären?

4. Plangt d'Ministesch, d'Resultater vun Analysen oder medezineschen Examen, wéi zum Beispill enger Röntgen, direkt am DSP disponibel ze maachen? Wa jo, wéi soll dat gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten